# G.-D. LUXEMBOURG / LUX.

INTERVIEW N°..............................

ERKLÄRUNG VUM ENQUETEUR

Ech erklären dass dëse Protokoll richteg an éierlech d'Interviewgespréich eremgët dat ech selwer geféiert hun mat enger Persoun, déi mir virdrun nët perséinlech bekannt war. D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemat gin, an de Protokoll ass während dem Gepréich ausgefëllt gin.

DAUER/GESPREICH .............................. DATUM ..................... NUMM+ENNERSCHREFT ENQUETEUR ..........................................

**Q1.** Wat as är Nationalitéit? Sot mir dat oder déi Länner déi fier ierch zoutreffen.

**PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**

1 - Belgique
2 - Danemark
3 - Allemagne
4 - Grèce
5 - Espagne
6 - France
7 - Irlande
8 - Italie
9 - Luxembourg
10 - Pays-Bas
11 - Portugal
12 - Royaume-Uni (Grande-Bretagne, Irlande du Nord)
13 - Autriche
14 - Suède
15 - Finlande
16 - Autres pays → **FIN DE L'INTERVIEW**
17 - NSP → **FIN DE L'INTERVIEW**

**Q2.** Kënnt Dir mir soen ob Dir Iech gudd oder nët gudd informéiert fillt iwert folgend Sujet'en?

| **LIRE** | **GUDD INFORMÉIERT** | **SCHLECHT INFORMÉIERT** | **NSP** |
|---|---|---|---|
| 1 – Sport | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Politik | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Wirtschaft a Finanzen | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Wëssenschaft an Technologie | 1 | 2 | 3 |
| 5 – Kultur | 1 | 2 | 3 |

**Q3.** Sid Dir éischter interesséiert oder nët interesséiert un folgenden Sujet'en ?

| **LIRE** | **ÉISCHTER INTERESSEIERT** | **ÉISCHTER NËT INTERESSEIERT** | **NSP** |
|---|---|---|---|
| 1 – Sport | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Politik | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Wirtschaft a Finanzen | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Wëssenschaft an Technologie | 1 | 2 | 3 |
| 5 – Kultur | 1 | 2 | 3 |

**Q4.** Wat sin déi wëssenschaftlech an technologesch Entwëcklungen, déi Iech am meeschten interesséieren ?

**MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**

1 – D'Medezin
2 – Internet
3 – D'Emwelt
4 – D'Astronomie an den Weltraum
5 – D'Genetik
6 – D'Nanotechnologien
7 – D'Wirtschaft an die sozial Wëssenschaften
8 – Guer keng dovun **SPONTAN**
9 – NSP

| | |
|---|---|
| Q5. | Hei sin Informatiounsquellen iwert die wëssenschaftlech Entwécklungen. Géift Dir se wëllen vun 1 bis 6 Ärem wichtegsten Grad no klasséieren. (1 fir déi wichtegst, 6 fir déi am mansten wichteg).<br>**MONTRER CARTE – LIRE**<br>Klassement<br>TV ☐<br>Radio ☐<br>Zeitungen an Zäitschrëften ☐<br>Wëssenschaftlech Zäitschfrëften ☐<br>Internet ☐<br>Schoul / Universitéit ☐<br>1 – All d'selwecht wichteg **SPONTAN**<br>2 – Guer keng as wichteg **SPONTAN**<br>3 – NSP |
| Q6a. | Dës läscht Joeren ass d'Zuel vun de wëssenschaftlechen an technologeschen Musee'en an Europa an d'Luucht gaangen a verschiddener si moderniséiert gin. Sid Dir een wëssenschaftlech oder technologeschen Musee am Laaf vun deenen läschten 12 Méint besiche gaangen ?<br>**(SI NON)** Firwat nët ? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**<br>1 – Jo, besiche gaangen<br>2 – Nee, keng Zäit<br>3 – Nee, zevill wäit ewech<br>4 – Nee, zevill en héigen Entréespräis<br>5 – Nee, ech wees nët wou dës Musee'en sin<br>6 – Nee, nët interesséiert<br>7 – NSP |
| Q6b. | Wat fir eng vun deenen folgenden Ariichtungen sid Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint besiche gaangen ?<br>**MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**<br>1 – En Zoo / Aquarium<br>2 – E wëssenschaftlechen an techneschen Musee<br>3 – Eng öffentlech Bibliothéik<br>4 – E Konschtmusee<br>5 – Guer keen dovun **SPONTAN**<br>6 – NSP |

**Q7.** Et kann een verschidden Meenungen hun iwert dat wat wëssenschaftlech as an dat wat ët nët ass. Fir jidwereng vun deenen folgenden Disziplinen, sot mir w.e.g. ob se Iech éischter wëssenschaftlech oder nët wëssenschaftlech ze sin schengt ?

| LIRE | ÉISCHTER WËSSENSCHAFTLECH | ÉISCHTER NËT WËSSENSCHAFTLECH | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Biologie | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Astronomie | 1 | 2 | 3 |
| 3 – D'Geschicht | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Physik | 1 | 2 | 3 |
| 5 – D'Astrologie | 1 | 2 | 3 |
| 6 – D'Ekonomie | 1 | 2 | 3 |
| 7 – D'Medezin | 1 | 2 | 3 |
| 8 – D'Psychologie | 1 | 2 | 3 |
| 9 – D'Mathematik | 1 | 2 | 3 |

**Q8.** Hei as e klenge Quiz. Sot mir w.e.g. fir jidwereng vun folgenden Behaaptungen, ob Dir denkt, dass se richteg as oder nët. Wann Dir ët nët wësst, sot mir ët, an dann gin mir ob die nächst Behaaptung iwer

| LIRE | RICHTEG | FALSCH | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – Den Zentrum vun der Welt as ganz waarm | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Den Sauerstoff dee mir anotmen kënnt vun de Planzen | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Die radioaktiv Mëllech kann gesond gemaach gin an deem een se un d'Kachen brëngt | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Elektronen sin méi kleng wéi d'Atomer | 1 | 2 | 3 |
| 5 – D'Kontinenter déplacéieren sech säit Milliounen Joeren an déplacéieren sech och an Zukunft weider | 1 | 2 | 3 |
| 6 – Et sin d'Geenen vum Papp, déi déterminéieren op de Bebé e Jong oder e Meedchen gët | 1 | 2 | 3 |
| 7 – Die éischt mënschlech Wiesen hun zur selwechter Zäit gelieft wéi d'Dinosaurier | 1 | 2 | 3 |
| 8 – D'Antibiotiken maachen esou wuel d'Virussen wéi och d'Bakterien futti | 1 | 2 | 3 |
| 9 – D'Laseren funktionnéieren an deem se d'Schallwellen zesummenféieren (konvergéieren) | 1 | 2 | 3 |
| 10 – All Radioaktivitéit ass d'Resultat vun der Aktioun vum Mensch | 1 | 2 | 3 |
| 11 – D'Mënschlecht Wiesen huet sech aus méi eeleren Déieresorten entwëckelt | 1 | 2 | 3 |
| 12 – D'Sonn dréit ronderem d'Erd | 1 | 2 | 3 |
| 13 – D'Erd mecht den Tour ronderem d'Sonn an engem Mount | 1 | 2 | 3 |

**Q9.** Stellt Iech vir, e Wëssenschaftler wëllt wëssen ob e gewësse Medikament effikass as géint eng Krankheet fir déi ët weder eng Préventiounsméiglechkeet, nach eng Diagnosméiglechkeet, nach en Traitement gët. Ärer Meenung no, wat as die korrektst wëssenschaftlech Approche fir d'Effikacitéit vum Medikament ze testen?

**MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**

1 – Dëst Medikament 1.000 Leit veruerdnen, die un dëser Krankheet leiden fir ze gesin wéivill vun hinnen Heelungszeechen weisen
2 – Dëst Medikament 500 Leit veruerdnen, déi un dëser Krankheet leiden, an 500 aner Leit fir keen Traitment ze maachen, fir ze kucken a wat fir engen vun deene zwou Gruppen ët méi Persounen gin, die Heelungszeechen weisen
3 – Dëst Medikament 500 Persounen veruerdnen, an die aner 500 Persounen mat enger Substanz ouni Effekt an ouni Gefoer behandelen, mee déi identesch ausgesin, fir ze gesin an wat fir enger vun deenen zwou Gruppen ët méi Persounen gin die Heelungszeechen weisen
4 – Aner **SPONTAN**
5 – NSP

| | |
|---|---|
| Q10. | Huele mir mol un, dass d'Dokteren enger Koppel soen dass hiert genetesch Material esou ass, dass d'Chancen 1 zu 4 stin fir een Kand ze kréien wat vun enger Ierfkrankheet betraff as. Wëllt dat soen dass ... ?<br>**MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**<br><br>1 – Wann Sie nëmmen 3 Kanner hun, ging guer keent d'Krankheet kréien<br>2 – Wann hiert éischt Kand d'Krankheet huet, gingen die dräi aner se nët kréien<br>3 – Jidwereen vun hiere Kanner huet dee selwechte Risiko fir d'Krankheet ze kréien<br>4 – Wann hier 3 éischt Kanner d'Krankheet nët hun, dat véiert se wart kréien<br>5 – NSP |

Q11. Dës läscht Zäit hun d'Zeitungen an d'Televisioun reegelmässeg iwert folgend Suje'en geschwaat. Kënnt Dir mir soen ob Dir d'Impressioun hut jidereen vun dësen Suje'en ze verstoen oder nët ?

| LIRE | D'IMPRESSIOUN ZE VERSTOEN | D'IMRESSIOUN NËT ZE VERSTOEN | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – d'Loftverschmotzung | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Erwiermung vum Planéit | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Den Zäreneffekt | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Den Brennstoffzellmotor | 1 | 2 | 3 |
| 5 – D'Lächer an der Ozonschicht | 1 | 2 | 3 |
| 6 – D'Nanotechnologien | 1 | 2 | 3 |
| 7 – Die Medikamenter di duerch Gentechnologie entwëckelt sin | 1 | 2 | 3 |
| 8 – Die genetesch verännert Iesswueren | 1 | 2 | 3 |
| 9 – Internet | 1 | 2 | 3 |
| 10 – De BSE «d'Krankheet vun de gekeckege Kéi » / | 1 | 2 | 3 |

Q12. Ärer Meenung no, ass ët wouer oder nët dass ... ?

| LIRE | WOUER | NËT WOUER | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Lächer an der Ozonschicht méi Stierm an Tornado'en verursaachen | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Den Zäreneffekt de Mieresspiggel erhéigen kann | 1 | 2 | 3 |
| 3 – D'Nahrung op Basis vun genetesch modifizéierten Organismen (OMG'en) geféierlech as | 1 | 2 | 3 |
| 4 – De BSE / d'Krankheet vun der gekecker Kou, bedengt ass durch den Zousatz vun Hormonen an d'Fudder vum Véih | 1 | 2 | 3 |
| 5 – d'Wëssenschaft an d'Technologie d'Landwirtschaft an d'Liewensmëttel-produktioun verbessere wärten | 1 | 2 | 3 |
| 6 – D'Krankheet vun der geckeger Kou nët geféierlech ass fir de Mënsch | 1 | 2 | 3 |
| 7 – D'Sonnestrahlen gläichzäiteg geféierlech an gudd kënnen sin fir d'Gesondheet | 1 | 2 | 3 |

| Q13. | Hei sin e puer Behaaptungen iwwert d'Wëssenschaften, d'Technologie oder d'Emwelt. Fir jidwereng vun hinnen, géift Dir mir soen op Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid ? | | | |
|---|---|---|---|---|
| | **LIRE** | **ÉISCHTER AVERSTANEN** | **ÉISCHTER NËT AVERSTANEN** | **NSP** |
| | 1 – d'Wëssenschaft an d'Technologie'en maachen eist Liewen méi gesond, méi einfach a méi konfortabel | 1 | 2 | 3 |
| | 2 – Dank dem wëssenschaftlechen an technologeschem Fortschrëtt wärten die natierlech Ressourcen vun der Welt onerschöpflech gin | 1 | 2 | 3 |
| | 3 – D'Wëssenschaft an d'Technologie kënnen all d'Problemer léisen | 1 | 2 | 3 |
| | 4 – Et vertraut een der Wëssenschaft zevill an dem Glawen nët genuch | 1 | 2 | 3 |
| | 5 – D'Wëssenschaft an d'Technologie kënnen nët wierklech eng Roll bei der Verbesserung vun der Emwelt spillen | 1 | 2 | 3 |
| | 6 – D'Wëssenschaftler missten ët autoriséiert kréien fir Experimenter un den Déieren wéi den Hënn an den Aafen ze maachen, wann dat hëllefen kann fir Problemer vun der mënschlecher Gesondheet ze léisen | 1 | 2 | 3 |
| | 7 – Dank hierem Wëssen hun d'Wëssenschaftler eng Macht, die sie geféierlech mecht | 1 | 2 | 3 |
| | 8 – D'Uwendung vun den Wëssenschaften an den neien Technologie'en wärt d'Aarbecht méi interessant maachen | 1 | 2 | 3 |
| | 9 – A mengem alldeeglechen Liewen ass ët nët wichteg wëssenschaftlech Kenntnësser ze hun | 1 | 2 | 3 |
| | 10 – D'Wëssenschaft changéiert zevill séier eis Liewensweis(en) | 1 | 2 | 3 |
| | 11 – Dank der Wëssenschaft an der Technologie wärten ët méi Méiglechkeeten fir die zukünfteg Generatioun gin | 1 | 2 | 3 |
| | 12 – D'Wëssenschaft an d'Technologie wärten hëllefen fir d'Armut an den Honger an der Welt ze éliminéieren | 1 | 2 | 3 |

| Q14. | Ech liesen Iech aner Behaaptungen vir. Fir jidwereng dovun, géift Dir mir soen op Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid ? | | | |
|---|---|---|---|---|
| | **LIRE** | **ÉISCHTER AVERSTANEN** | **ÉISCHTER NËT AVERSTANEN** | **NSP** |
| | 1 – Die fundamental wëssenschaftlech Recherchen sin wesentlech fir d'Entwécklung vun den neien Technologie'en | 1 | 2 | 3 |
| | 2 – Alles an allem wärten d'Computeren an d'Automatisatioun an den Fabriken méi Aarbechtsplatzen kréiéieren, déi se nët éliminéieren wärten | 1 | 2 | 3 |
| | 3 – Den Internet wärt d'Liewensqualitéit verbesseren | 1 | 2 | 3 |
| | 4 – Souguer wann se keng direkt Beneficer brengt, ass die wëssenschaftlech Recherche, die d'Wëssen progresséieren léisst, wichteg an sie misst vum Gouvernement ënnerstëtzt gin | 1 | 2 | 3 |
| | 5 – Vill High-Tech Produkter sin weider näischt wéi Gadget'en | 1 | 2 | 3 |
| | 6 – D'Wëssenschaft an d'Technologie'en spillen eng wichteg Roll an der industrieller Entwécklung | 1 | 2 | 3 |
| | 7 – Et wärt ëmmer nei Entdeckungen gin fir die schiedlech Konsequenzen vun der wëssenschaftlecher an technologescher Entwécklung ze neutraliséieren | 1 | 2 | 3 |
| | 8 – Die wëssenschaftlech Recherche wärt d'industriell Produkter nët méi bëlleg maachen | 1 | 2 | 3 |
| | 9 – Et ass nëmmen durch d'Notzen vun de Spëtzen-Technologie'en wou eis Economie méi konkurrenzfäheg ka gin | 1 | 2 | 3 |
| | 10 – Die wëssenschaftlech an technologesch Fortschrëtter wärten hëllefen d'Krankheeten wéi den Aids, de Kriebs, etc. ze heelen | 1 | 2 | 3 |
| | 11 – D'Wuehltaten vun der Wëssenschaft sin méi wichteg wéi die schiedlech Effekter die se kéint hun | 1 | 2 | 3 |
| | 12 – Internet as wesentlech fir d'Entwécklung vun neien ekonomeschen Aktivitéieten | 1 | 2 | 3 |
| | 13 – Gewëssen Zifferen brengen eenzelne Leit besonnesch Chance | 1 | 2 | 3 |

Q15. A kënnt Dir mir soen, ob Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid mat folgenden Behaaptungen ?

| LIRE | ÉISCHTER AVERSTANEN | ÉISCHTER NËT AVERSTANEN | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Wëssenschaftler sin responsabel fir déi schlecht Uwendungen die anerer mat hieren Entdeckungen maachen | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Eng Entdeckung as un sech weder gudd nach schlecht, et as d'Uwendung die een domat mecht, die vu Bedeitung as | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Als Member vun der Gesellschaft hun d'Wëssenschaftler een Deel vun der Responsabilitéit, bei all Uwendung – ob gudd oder schlecht – vun hieren Entwëcklungen | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Autoritéiten missten d'Wëssenschaftler formell obligéieren fir ethesch Normen ze respektéieren | 1 | 2 | 3 |
| 5 – D'Wëssenschaftler missten fräi sin fir den Recherchen no ze goen déi Si wënschen esou laang së d'ethesch Normen respektéieren | 1 | 2 | 3 |

Q16. D'Fro vun den Responsabilitéiten a Problemer vun der Krankheet vun der geckeger Kou as vill diskutéiert gin. Fir jidereen vun deene folgenden Virschléi, géift Dir mir soen op Dir éischter averstanen sid oder éischter nët averstanen sid ?

| LIRE | ÉISCHTER AVERSTANEN | ÉISCHTER NËT AVERSTANEN | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Wëssenschaftler hun e groussen Deel vun der Responsabilitéit an dëser Fro | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Politiker hun e groussen Deel vun der Responsabilitéit an dëser Fro | 1 | 2 | 3 |
| 3 – D'Baueren hun e groussen Deel vun der Responsabilitéit an dëser Fro | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Liewensmëttelindustrie huet e groussen Deel vun der Responsabilitéit an dëser Fro | 1 | 2 | 3 |
| 5 – Ech hun nët genuch Informatiounen fir ze soen wien responsabel as | 1 | 2 | 3 |

Q17. Wat misst een maache fir ze vermeiden, dass esou Problemer sech an Zukunft reproduzéieren ? Kéint Dir mir soen ob Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid mat jiderengem vun deenen folgenden Virschléi

| LIRE | ÉISCHTER AVERSTANEN | ÉISCHTER NËT AVERSTANEN | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Wëssenschaftler missten eis besser informéieren iwert eventuell Risiken vun gewësse wëssenschaftlechen an technologeschen Fortschrëtter | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Wëssenschaftler missten hier wëssenschaftlech Kenntnisser besser matdeelen | 1 | 2 | 3 |
| 3 – D'Industrie misst besser regléiert sin | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Politiker missten sech méi op den Avis vun den Wëssenschaftler stëtzen | 1 | 2 | 3 |

Q18. Kënnt Dir mir soen ob Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid mat jiderengem vun deenen folgende Virschléi iwert die genetesch modifizéiert Liewensmëttel ?

| LIRE | ÉISCHTER AVERSTANEN | ÉISCHTER NËT AVERSTANEN | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – Ech well dësen Typ vun Liewensmëttel nët | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Geforen sin vun de Medien iwerdriwe gin | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Ech wëll méi iwert dësen Typ vun Liewensmëttel wëssen éier ech dovun iessen | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Ech well d'Recht hun ze wielen | 1 | 2 | 3 |
| 5 – Sie dierften nëmmen dann agefouert gin wann ët wëssenschaftlech bewisen wär, dass se onschiedlech sin | 1 | 2 | 3 |
| 6 – Dësen Typ vun Liewensmëttel présentéiert keng besonnesch Gefoer | 1 | 2 | 3 |
| 7 – Dat kënnt négativ Effekter op d'Emwelt hun | 1 | 2 | 3 |

Q19. Tëschend deenen folgenden Beruffer, fir wat fir eng hut Dir déi meeschten Wertschätztung ?
**MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**

1 – D'Riichteren
2 – D'Dokteren
3 – D'Affekoten
4 – D'Politiker
5 – D'Wëssenschaftler
6 – D'Geschäftsmänner / fraen
7 – D'Journalisten
8 – D'Artisten
9 – D'Ingénieuren
10 – D'Sportler
11 – Guer keng dovun **SPONTAN**
12 – NSP

Q20. Kënnt Dir mir soen ob Dir éischter averstanen sid oder éischter nët averstanen sid mat deenen folgenden Behaaptungen iwert d'Art a Weis wéi d'Medien vun der Wëssenschaft an der Technologie schwätzen ?

| **LIRE** | **ÉISCHTER AVERSTANEN** | **ÉISCHTER NËT AVERSTANEN** | **NSP** |
|---|---|---|---|
| 1 – Et gin zevill Artikelen an Emissiounen iwert d'Wëssenschaft an Technologien'en | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Die wëssenschaftlech an technologesch Entwëcklungen gin oft zevill négatif présentéiert | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Die meescht Journalisten die wëssenschaftlech Sujet'en traitéieren hun nët dat néidegt Wëssen oder die néideg Formatioun | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Ech kucke léiwer, Emissiounen op der Televisioun iwert d'Wëssenschaft an d'Technologie'en wéi Artikelen iwert dësen Sujet ze liesen | 1 | 2 | 3 |
| 5 – Ech liesen seelen Artikelen iwert d'Wëssenschaft an d'Technologie'en | 1 | 2 | 3 |

Q21. a) Stellt Iech vir, dass eng Katastroph an Ärem Quartier oder an Ärer Noperschaft gewiescht wär. A wien hätt Dir am meeschten Vertrauen fir d'Grënn vun dëser Katastroph expliziéiert ze kréiern?
**MONTRER CARTE – UNE SEULE REPONSE**
b) An un zweeter Plaatz **MONTRER CARTE – UNE SEULE REPONSE**
c) An un drëtter Plaatz **MONTRER CARTE – UNE SEULE REPONSE**

| **LIRE** | **a) 1 VERTRAUEN** | **b) 2 VERTRAUEN** | **c) 3 VERTRAUEN** |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Wëssenschaftler | 1 | 1 | 1 |
| 2 – D'Journalisten | 2 | 2 | 2 |
| 3 – D'Konsumenteschutzorganisatiounen | 3 | 3 | 3 |
| 4 – D'Eweltschutzorganisatiounen | 4 | 4 | 4 |
| 5 – D'Vertrieder vun der Regierung | 5 | 5 | 5 |
| 6 – D'Dokteren | 6 | 6 | 6 |
| 7 – D'Entreprisen | 7 | 7 | 7 |
| 8 – Aner **SPONTAN** | 8 | 8 | 8 |
| 9 – Guer keen dovun **SPONTAN** | 9 | 9 | 9 |
| 10 – NSP | 10 | 10 | 10 |

Q22. a) Gewësse Persounen soen, dass d'Interessen vun deenen jonken Europäer fir d'Studien an d'wëssenschaftlech Karrièren erof geet. Wat as Ärer Meenung no den Haaptgrond, wann ët ee gët, fir dëst Erofgoen ?
**MONTRER CARTE – UNE SEULE REPONSE**
b) An un zweeter Plaatz **MONTRER CARTE – UNE SEULE REPONSE**
c) An un drëtter Plaatz **MONTRER CARTE – UNE SEULE REPONSE**

| LIRE | a) 1. GROND | b) 2. GROND | c) 3. GROND |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Wëssenschaft huet en zevill négatift Bild an eiser Gesellschaft | 1 | 1 | 1 |
| 2 – D'Wëssenschafts Couren an der Schoul sin nët attraktiv genuch | 2 | 2 | 2 |
| 3 – Die Wëssenschaftlech Matièren sin zevill schwéier | 3 | 3 | 3 |
| 4 – D'Salairen an d'Perspektiven vun der Karrière sin nët attraktiv genuch am Beräich vun der Wëssenschaft | 4 | 4 | 4 |
| 5 – Die Jonk sin manner interesséiert un enger Aarbecht am Beräich vun der Wëssenschaft | 5 | 5 | 5 |
| 6 – Aner **SPONTAN** | 6 | 6 | 6 |
| 7 – Guer keng **SPONTAN** | 7 | 7 | 7 |
| 8 – NSP | 8 | 8 | 8 |

Q23. Kënnt Dir mir soen ob Dir éischter averstanen sid oder éischter nët averstanen sid mat folgenden Virschléi iwer d'Ofhuelen vum Interesse vun den jonken Europäer fir d'Wëssenschaft ?

| LIRE | ÉISCHTER AVERSTANEN | ÉISCHTER NËT AVERSTANEN | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – Et as eng ganz grouss Bedrohung fir die zukünfteg socio-ekonomesch Entwëcklung | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Entreprisen wärten emmer déi kompetent Persounen fannen, die së brauchen | 1 | 2 | 3 |
| 3 – D'Autoritéiten missten de Versuch ënnerhuelen fir dat ze behiewen | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Näischt misst gemaach gin: d'Fräiheet vum individuelle Choix ass méi wichteg wéi d'Besoin'en vun der Gesellschaft an der Industrie | 1 | 2 | 3 |
| 5 – Et misst een méi d'Meedecher an die jonk Fraen encouragéieren fir Wëssenschafts-Studien an Karrièren ze maachen | 1 | 2 | 3 |
| 6 – D'Europäesch Unioun misst méi op sin fir die auslännesch Wëssenschaftler | 1 | 2 | 3 |

Q24. A wat fir engem vun de folgende Beräicher denkt Dir, dass d'Europäesch Unioun aktiv impliziéiert as?
**MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**

1 – D'Landwirtschaft
2 – D'Emwelt
3 – Den internationalen Handel
4 – D'Aussepolitik
5 – D'Wëssenschaft, d'Recherche an d'Technologie
6 – D'Verdeedegung
7 – D'Energie
8 – Den Konsumenteschutz
9 – D'Aarbecht an die sozial Affären
10 – Die regional Entwëcklung
11 – Aner **SPONTAN**
12 – Guer keng vun deenen doten **SPONTAN**
13 – NSP

| Q25. | Denkt Dir, dass die europäesch Unioun misst aktiv sin oder nët an de folgende politesche Beräicher ? | | |
|---|---|---|---|
| | | | |

| LIRE | AKTIV | NËT AKTIV | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – D'Landwirtschaft | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Emwelt | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Den internationalen Handel | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Aussepolitik | 1 | 2 | 3 |
| 5 – D'Wëssenschaft, d'Recherche an d'Technologie | 1 | 2 | 3 |
| 6 – d'Verdeedegung | 1 | 2 | 3 |
| 7 – D'Energie | 1 | 2 | 3 |
| 8 – Den Konsumenteschutz | 1 | 2 | 3 |
| 9 – D'Aarbecht an die sozial Affären | 1 | 2 | 3 |
| 10 – Die regional Entwëcklung | 1 | 2 | 3 |

Q26. Ärer Meenung no, verglach mat der Recherche op engem nationalem Niveau, as d'Recherche op engem europäeschem Niveau ..... ?

| LIRE | JO | NEE | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – Esou dass ee Geld ka spueren | 1 | 2 | 3 |
| 2 – As méi effikaz | 1 | 2 | 3 |
| 3 – Wärt emmer méi wichteg gin | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Favoriséiert den Wirtschaftswuestum | 1 | 2 | 3 |
| 5 – As am nationalen Interesse | 1 | 2 | 3 |
| 6 – As am Interesse vun der Industrie | 1 | 2 | 3 |
| 7 – As am Interesse vun allen | 1 | 2 | 3 |
| 8 – Gët iwerflësseg mat den nationalen Effort'en | 1 | 2 | 3 |

Q27. Vill wichteg wëssenschaftlech an technologesch Entwëcklungen (Internet, Biotechnologie etc.) sin ausserhalb vun Europa entstanen. Kënnt Dir mir soen op Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid mat jiderenger vun den folgenden Behaaptungen?

| LIRE | ÉISCHTER AVERSTANEN | ÉISCHTER NËT AVERSTANEN | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – Die öffentlech Budget'en vun der Recherche missten méi héich an Europa sin | 1 | 2 | 3 |
| 2 – D'Europäesch Unioun misst méi Suen fir d'Recherche verwenden | 1 | 2 | 3 |
| 3 – D'Chercheuren an den verschiddenen europäesche Länner missten méi mat eneen kooperéieren | 1 | 2 | 3 |
| 4 – Méi Persounen missten an der Recherche an an der technologescher Entwëcklung an Europa schaffen | 1 | 2 | 3 |
| 5 – Die bäschte Wëssenschaftler verloossen Europa fir an d'Vereenegt Staaten ze goen | 1 | 2 | 3 |
| 6 – Et misst méi Koordinatioun vun de Recherchen zwëschen de Memberlänner vun der europäescher Unioun do sin | 1 | 2 | 3 |
| 7 – D'Wëssenschaftler an d'Industrie missten méi kooperéieren | 1 | 2 | 3 |
| 8 – D'Prioritéiten vun der europäescher Recherche spigelen méi die perséinlech Interessen vun den Wëssenschaftler erëm, wéi d'Besoin'en vun der Gesellschaft | 1 | 2 | 3 |
| 9 – Die europäesch Wëssenschaftler missten sech méi fir den Brevetage interesséieren an fir d'Verwendung vun de Resultater vun hierer Recherche | 1 | 2 | 3 |
| 10 – D'Europäer missten sech manner Gedanken maachen iwert d'ethesch Froen a Bezug op d'Wëssenschaften an modern Technologie'en | 1 | 2 | 3 |
| 11 – Et missten méi Fraen an der europäescher wëssenschaftlecher Recherche gin | 1 | 2 | 3 |

| Q28. | Nei Länner wärten sech gläich der europäescher Unioun uschléissen. Kënnt Dir mir soen ob Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid mat der Tatsaach ....? | | | |
|---|---|---|---|---|
| | LIRE | ÉISCHTER AVERSTANEN | ÉISCHTER NËT AVERSTANEN | NSP |
| | 1 – Dës Erweiderung den wëssenschaftlechen an technologeschen Potential vun den aktuellen Member-länner verbessere wärt | 1 | 2 | 3 |
| | 2 – Dës Erweiderung den wëssenschaftlechen an technologeschen Potential vun den neien Memberlänner verbessere wärt | 1 | 2 | 3 |

**KOMME MIR ELO ZU ENGEM ANERE SUJET : D'LANDWIRTSCHAFT**

**Q29** D'Landwirtschaftspolitik vun der europäescher Unioun viséiert fir de Konsumenten an den Baueren Virdeeler ze brengen. Mat wat fir eng vun de folgenden Behaaptungen sid Dir averstanen ?
**MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**

1 – Sie garantéiert, dass d'Liewensmëttel déi Dir kaaft, ouni Gefoer kënne giess gin
2 – Sie garantéiert, dass d'Liewensmëttel déi Dir kaaft, vun gudder Kalitéit sin
3 – Sie garantéiert, dass d'Liewensmëttel déi Dir kaaft, gesond sin
4 – Sie garantéiert, dass d'Liewensmëttel déi Dir kaaft, en raisonablen Präis hun
5 – Sie garantéiert, dass Dir genuch Informatiounen iwert die géographesch Originen vun den Liewensmëttel hut
6 – Sie garantéiert, dass Dir genuch Informatiounen hut iwert d'Manéier, wéi d'Liewensmëttel produzéiert an traitéiert gi sin
7 – Sie garantéiert, dass d'Déieren vum Bauerenhaff gudd behandelt gi sin
8 – Sie favoriséiert d'Konsumenten éischter wéi d'Baueren
9 – Sie favoriséiert d'Baueren éischter wéi d'Konsumenten
10 – Sie favoriséieren genau esou vill d'Baueren wéi d'Konsumenten
11 – Guer keng dovun **SPONTAN**
12 – NSP

**Q30.** Ärer Meenung no, muss d'europäesch Unioun intervenéieren mat Hëllef vun enger landwirtschaftlecher Politik fir ...?

| LIRE | JO | NEE | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – De Baueren stabil an adequate Revenu'en ze garantéieren | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Die europäesch Landwirtschaft op dem Weltmaart méi kompétitiv ze maachen | 1 | 2 | 3 |
| 3 – De Baueren ze hëllefen hier Produktioun un d'Erwaardungen vun de Konsumenten unzepassen | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Interessen vun de Baueren bei hieren Verhandlungen mat den Händler an den Distributeuren ze verdeedegen | 1 | 2 | 3 |
| 5 – D'Liewen um Land ze favoriséieren an ze verbesseren | 1 | 2 | 3 |
| 6 – D'Entwécklungsënnerscheeder tëschend de Regiounen reduzéieren | 1 | 2 | 3 |
| 7 – D'Angebotserweiderung vun de Produkter an den landwirtschaftlechen Aktivitéiten ze encouragéieren | 1 | 2 | 3 |
| 8 – D'Biologesch Produktiounsmethoden ze favoriséieren | 1 | 2 | 3 |
| 9 – Den Respekt vun der Emwelt ze förderen | 1 | 2 | 3 |
| 10 – D'Spézifitéit vun den europäeschen landwirtschaftlechen Produkter ze schützen | 1 | 2 | 3 |
| 11 – De Goût vun den europäeschen landwirtschaftlechen Produkter ze schützen | 1 | 2 | 3 |
| 12 – Die kleng a mëttelgrouss Bauerebetrieber ze schützen | 1 | 2 | 3 |
| 13 – Sech ze vergewësseren, dass die landwirtschaftlech Produkter gesond an ouni Gefoer sin | 1 | 2 | 3 |

Q31. An denkt Dir, dass die landwirtschaftlech Politik vun der europäescher Unioun momentan éischter gudd oder éischter schlecht seng Roll spillt fir ...?

| LIRE | EISCHTER GUDD | EISCHTER NËT GUDD | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 – De Baueren stabil an adequate Revenu'en ze garantéieren | 1 | 2 | 3 |
| 2 – Die europäesch Landwirtschaft op dem Weltmaart méi kompétitiv ze maachen | 1 | 2 | 3 |
| 3 – De Baueren ze hëllefen hier Produktioun un d'Erwaardungen vun de Konsumenten unzepassen | 1 | 2 | 3 |
| 4 – D'Interessen vun de Baueren bei hieren Verhandlungen mat den Händler an den Distributeuren ze verdeedegen | 1 | 2 | 3 |
| 5 – D'Liewen um Land ze favoriséieren an ze verbesseren | 1 | 2 | 3 |
| 6 – D'Entwécklungsënnerscheeder tëschend de Regiounen reduzéieren | 1 | 2 | 3 |
| 7 – D'Angebotserweiderung vun de Produkter an den landwirtschaftlechen Aktivitéiten ze encouragéieren | 1 | 2 | 3 |
| 8 – D'Biologesch Produktiounsmethoden ze favoriséieren | 1 | 2 | 3 |
| 9 – Den Respekt vun der Emwelt ze förderen | 1 | 2 | 3 |
| 10 – D'Spézifitéit vun den europäeschen landwirtschaftlechen Produkter ze schützen | 1 | 2 | 3 |
| 11 – De Goût vun den europäeschen landwirtschaftlechen Produkter ze schützen | 1 | 2 | 3 |
| 12 – Die kleng a mëttelgrouss Bauerebetrieber ze schützen | 1 | 2 | 3 |
| 13 – Sech ze vergewësseren, dass die landwirtschaftlech Produkter gesond an ouni Gefoer sin | 1 | 2 | 3 |

Q32. D'Europäesch Unioun subventionnéiert ëmmer manner die landwirtschaftlech Produkter. Mee së libéréiert elo méi Fongen fir de Schutz an d'Entwécklung vun landwirtschaftlechen Ekonomie'en an vir déi direkt Ënnerstëtzung vun de Baueren. Denkt Dir, dass dës Entwécklung .... as?

**MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**

1 – Eng gudd Saach
2 – Eng zimlech gudd Saach
3 – Eng zimlech schlecht Saach
4 – Eng ganz schlecht Saach
5 – Weder eng gudd nach schlecht Saach **SPONTAN**
6 – NSP

**KOMME MIR ELO ZU ENGEM ANERE SUJET: DEN EURO**

| | | |
|---|---|---|
| Q33. | A wéiengem Moos fillt Dir lech gutt informéiert iwert di europäesch Eenheetswährung, den Euro? Fillt Dir lech...?<br>**LIRE** | 1 – Ganz gutt informéiert<br>2 – Gutt informéiert<br>3 – Nët ganz gutt informéiert<br>4 – Guer nët gutt informéiert<br>5 – NSP |
| Q34. | Géift Dir soen dass déi europäesch Eenheetswährung, den Euro, e Sujet as deen lech perséinlech vill interesséiert, éischter interesséiert, éischter nët oder guer nët interesséiert? | 1 – Vill interesséiert<br>2 – Eischter interesséiert<br>3 – Eischter nët interesséiert<br>4 – Guer nët interesséiert<br>5 – NSP |
| Q35. | Nodeem wat Dir esou gelies oder héieren hut, as de Wert vum Euro par rapport zum lëtzebuerger Frang definitif festgeluet gin? | 1 – Jo<br>2 – Nee<br>3 – NSP |
| Q36. | Den definitiven Wert vum Euro par rapport zum lëtzebuerger Frang as den 1.Januar 1999 festgeluet gin. Wësst Dir wéivill Frang en Euro as?<br>ENQ.: NE RIEN SUGGERER – NOTER EN CLAIR TOUS LES CHIFFRES, AVANT ET APRES LA VIRGULE<br>SI 'NE SAIT PAS', CODER: 0000,00000 | 1 EURO =<br>☐☐☐☐ , ☐☐☐☐☐ Luf |

Q37. a) Nodeem wat Dir esou gelies oder héieren hut, wéini as et méiglech fir an Euro mat Chèque oder Kaart zu Lëtzebuerg ze bezuelen? **MONTRER CARTE – UNE SEULE REPONSE**

b) An an anere Länner vun der Europäescher Unioun déi beim Euro matmaachen? **MONTRER MÊME CARTE – UNE SEULE REPONSE**

| **LIRE** | a) zu Lëtzebuerg | b) an engem anere Land vun der europäescher Unioun, wat um Euro deel hëlt |
|---|---|---|
| 1 – et as méiglech, zënter dem 1.Januar 1999 | 1 | 1 |
| 2 – et as méiglech vum 1.Januar 2000 un | 2 | 2 |
| 3 – et as méiglech vum 1.Januar 2001 un | 3 | 3 |
| 4 – vum 1.Januar 2002 un | 4 | 4 |
| 5 – méi spéit | 5 | 5 |
| 6 – nie **SPONTAN** | 6 | 6 |
| 7 – NSP | 7 | 7 |

Q38. Vun wéi engem Mount a wéi engem Joer un, denkt Dir dass ët nët méi wärt méiglech sin lëtzebuergesch Mënzen a Geldschäiner ze benotzen **(SI "NSP", CODE : 00.0000; SI « TOUJOURS POSSIBLE DE PAYER EN FRANC LUXEMBOURGEOIS », CODE : 99.9999)**

☐☐ ☐☐☐☐

